



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

N° 6562
Entrée le 27.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.07.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Beim Asaz vun de Policehelikoptere bestinn – eiser Meenung no – eng ganz Rei Mësstänn. Ee vun deene Mësstänn ass, datt d'Police hir Helikopteren net esou däerf notzen, datt si op eng effikass Manéier hirer Aarbecht kéint nogoen. Nieft de bekannte Problemer, datt z.B. d'Beamten – notamment och déi vun der USP – net voll equipéiert mat den Helikopteren op d'Plaz bruecht kënne ginn, fir séier ze intervenéieren, wëlle mir op eng weider Problematik hiweisen.

D'Policehelikopteren hu just dann eng Autorisatioun fir däerfen op engem Gebitt, wat net zum Flughafen gehéiert, ze landen, wann eng akut Liewensgefor besteet. Dës Viraussetzung schränkt awer d'Méiglechkeeten, fir effizient kënne géint kriminell Aktivitéiten an/oder organiséiert Kriminalitéit virzegoen, an engem ganz héije Mooss an.

Wann d'Police z.B. Informatiounen zougedroe kritt, datt zu engem bestëmmten Zäitpunkt am Land eng Tankstell oder eng Bank soll iwwefall ginn, däerf e Policehelikopter sech net eemol präventiv op enger no geleeëner Plaz stationéieren, fir an deem Fall direkt asazbereet ze sinn. Wann et dann zu engem Asaz kënnt, verléiert de Policehelikopter dacks wäertvoll Zäit, fir kënnen op déi betreffend Plaz ze kommen. Et geet hei dacks ëm Minutten, déi deenen Onéierlechen an d'Kaarte spillen, fir sech kënnen ofzesetzen, esou datt eng Verfolgung aus der Loft iwwehaapt net méi méiglech ass.

Bemierkenswäert ass an deem Kontext, datt all eis Nopeschlänner op déi uewe beschriwwe Méiglechkeeten, fir z.B. de Policehelikopter präventiv ze stationéieren, kënnen zeréckgräifen – eleng Lëtzebuerg net!

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:


1. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt Lëtzebuerg fir vill Suen déi neisten a modernsten Helikoptere keeft (op den Arméibudget, mee fir de Gebrauch vun der Police) an dës mat héijem Opwand ënnerhält, fir op där anerer Säit d'Befugnisser vun der Helikopter-Staffel vun der Police esou anzeschränken, datt si net op eng effikass Manéier kann hirer Aarbecht nogoen?

2. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt e Police-Helikopter just dann däerf landen, wann eng akut Liewensgefor besteet? Dëst schléisst jo aus, datt d'Police, wéi uewe beschriwwen, hir Helikoptere scho präventiv stationéiert, fir esou méi effikass géint kriminell Aktivitéite kënne virzegoen. Wéi ass hei d'Positioun vun der Regierung?
3. Goufen et bis dato scho Gespréicher tëscht der Direktioun vun der Police an dem Här Policeminister zu där Thematik?
4. Wat wëll den Här Minister elo konkret ännerhuelen, fir deenen uewe beschriwwene Mësstänn, déi jo e massiven negativen Afloss op d'Sécherheet vum Land hunn, entgéintzewierken? Wéi eng Léisunge proposéiert den Här Minister an a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun deene Léisunge gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten